DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 14. September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Laut offiziellem Horaire vun der CFL, dee bis Dezember 2022 gülteg ass, soll op der Linn 10 zu all voller Stonn en Zuch vu Kautebaach an d'Stad fueren. Et ass mir allerdéngs zu Ouere komm, dass dësen Zuch aktuell net fiert, wat fir vill Leit aus der Géigend, déi op Ettelbréck, Dikrech oder an d'Stad an d'Schoul oder op d'Schaff fueren, onnéideg Ëmstänn mat sech bréngt.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Aus wéi engem Grond fiert den Zuch zur voller Stonn net méi?*
- *Wat ass geplangt fir ze garantéieren dass d'Leit aus der Géigend vun enger gudder Verbindung mam ëffentlechen Transport an d'Nordstad an an d'Stad Lëtzebuerg kënne profitéieren?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten